


Naturbicher, Atelieren & villes méi - Nature books, workshop & more - Livres nature, ateliers & bien davantage - Naturbücher, Workshops & vieles mehr

Entdeck mat eis flott Bicher fir Grouss a Kleng iwwert d'Natur. Lauschter eise Liesungen no oder maach mat bei eisen Atelieren!

Virwëtzeg ginn? Da komm laanscht an de Biodiversum!

Come and discover with us many exciting books for all ages about nature. Attend readings and take part in our great workshops!

Curious to find out more? Then come to the Biodiversum!

Venez découvrir avec nous de nombreux livres passionnants sur la nature pour petits et grands. Assistez à des lectures et participez à nos super ateliers !

Curieux ? Alors passez au Biodiversum !

Entdecke mit uns viele spannende Bücher für Groß und Klein über diverse Naturthemen. Besuche Lesungen oder nimm an unseren tollen Workshops teil!

Neugierig geworden? Dann komm im Biodiversum vorbei!

BIODIVERSUM
CENTRE NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM

PROGRAMM

<u>Informatiounen an Umeldung:</u>

Tel.: (+352) 247-56531
E-Mail: biodiversum@anf.etat.lu

natur&ëmwelt

ernster
l'esprit livre

# PROGRAMM:

**Sa 10.2.**

**14:00 - 16:00**

**Mit Federkiel und Tintenfass - Avec plume et encrier - With quill and inkwell**

Wéi ass fréier Tënt hiergestallt ginn? Hunn do wierklech Tëntefësch misse geopfert ginn oder geet et och anescht? Mir léiere, wéi een Tënt hierstellt an domadder schéi Buchstawe schreiwe kann.



**Alter ab 7 Joer**

**Mam Nicolas Meiers**
**Umeldung bis den 8.2.**


**So 11.2.**

**14:30 - 16:30**

**Kolja a Galina**

Begleet déi zwee Kueben Kolja a Galina op hirer spannender Rees a lauschter wat si alles ënnerwee erliewen.

**Liesung fir Kanner mam Dany Gales**





**Umeldung erwënscht**

**So 11.2.**

**10:30 - 12:00**

**Ray, Bonnie a Kuiitsch**


Komm a lauschter d'Geschichte vum Ray, deem klenge Gehaansfénkelchen, deen den aneren Déieren de Wee liicht,







dem Kueb Kuiitsch, dee sech net aus dem Nascht traut,




a vum Bonnie, wat sech an der Nuecht op d'Sich no Monstere mécht.

**Liesung fir Kanner mam Christiane Kremer an Tullio Forgiarini**

**Umeldung erwënscht**


**So 11.2.**

**17:30 - 19:30**

**Carnival of Birds**

Listen to the poems from the book "Our Feathered Friends Observed, Little Messages from Birds" from Abby Salvadori and learn about one of the printing techniques of Mea Bateman.

**Poetry reading & creative workshop with Abby Salvadori and Mea Bateman**



**Registration requested**

Informatiounen an Umeldung:
Informations et inscription :
Tel.: (+352) 247-56531
E-Mail: biodiversum@anf.etat.lu

natur&ëmwelt

ernster
l'esprit livre

BIODIVERSUM
CENTRE NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM

**Mi 14.2.**

**14:00 - 17:00**

**Verschenk ee Buch Dag**

De 14. Februar ass internationale „Verschenk e Buch Dag“ an dat wärend der Bicherwoch am Biodiversum. Dat ass keen Zoufall…

Deen Dag ass d'Geschichtenerzielerin Melissa do. Hatt weess, wéi wäertvoll Bicher sinn!

Dofir ginn deen Dag am Biodiversum Bicher verschenkt an/oder getosch.

Wéi leeft et of?

1. Bréng e Buch, dat s du net méi wëlls, en anert Kand kann nach vill Freed domat hunn.

Wichteg: D'Buch muss a guddem Zoustand sinn.

2. Verschenk et un d'Bibliothéik.

3. Mir pechen e Sticker drop, mat dengem Virnumm an dem Datum. Elo kann dat Buch seng Rees ufänken a waart op en anert Kand, dat d'Zauberkraaft vum Buch erliewe wëll.

4. Du wëlls och en neit Buch? Ma da kuck no an der Bicherauswiel a sich dir eent aus.

5. Wëlls du et nom Liese weiderverschenken? Du hues de Rescht vun der Woch Zäit mam Buch zeréckzekommen.



Well d'Geschichtenerzielerin jo souwisou am Biodiversum ass, verschenkt hatt souvill Geschichte, bis deng Ouere keng méi packen.

**Erziele vun Naturgeschichten a Bicheraustausch mam Muriel Nossem**

**Umeldung erwënscht**

**Do 15.2.**

**14:00 - 16:00**

**Let it grow!**

**Samenpapier selber machen**
**Créer du papier ensemencé**
**Make plantable seed paper**



Entdeck déi spannend Welt vum Pabeiermaachen! Léier, wéi s du däin eegene Pabeier mat Som hierstelle kanns a free dech iwwert déi Planzen, déi spéider aus deem Pabeier spréissen. Spaass a Kreativitéit si garantéiert!

**Alter ab 7 Joer**

**Mam Nicolas Meiers**
**Umeldung bis den 13.2.**

**So 18.2.**

**14:00 - 16:00**

**Animation Kamishibaï**

Avec un butaï, Laurence vous conte la légende persane du Symorgh, une histoire où les oiseaux partent à l'aventure à la recherche de leur roi.

La lecture sera suivie d'une activité sur le thème de l'histoire.



**À partir de 4 ans**

**Avec Laurence Gossmann-Spang**

**Inscription souhaitée**



**Do 15.2.**

**18:30 - 19:15**

**Marder, Igel, Fuchs & Co.:**

**Säugetiere von Z bis A**

Den Auteur vum Buch „Säugetiere Luxemburgs“ gëtt iech e spannenden Abléck an d'Aartevillfalt vun de Mamendéieren hei zu Lëtzebuerg a mécht op den Aarteverloscht an d'Wichtegkeet vun intakte Liewensraim opmierksam.




**Virtrag vum Laurent Schley, Directeur adjoint vun der Naturverwaltung a Member vun der „European Mammal Foundation“**

**Umeldung erwënscht**